

Fall en Alibi gi fir déi diplomatesch Fehler oder Ënnerloossungen.

Ech soen Iech merci fir Är Ënnerstëtzung fir de Statut vun der Cour pénale internationale.

Merci.

**M. le Président.-** Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss. Ech wëll d'Chamber nach eng Kéier drop opmierksam maachen, dass mer heiriwwer ofstëmmen nom Artikel 114 vun der Verfassung, dee virgesäit, dass dräi Véierel vun den Deputéierte musse present sinn an zwee Drëttel musse fir d'Gesetz sinn, fir dass et rechtskräfteg gëtt.

*Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)*

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

*Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Déi fir de Projet de loi 4502 sinn, stëmmen mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass mat 60 Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes (par M. Willy Bourg), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Marcel Glesener) et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres (par Mme Lydie Err), M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Alex Bodry), Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Fernand Greisen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Aloyse Bisdorff.*

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

*(Assentiment)*

Et ass esou decidéiert.

Mir kommen dann elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4679 iwwert den Assurancësektor. D'Riedezäit ass nom Modell 0 festgeluegt.

Et si bis elo fir d'Diskussioun ageschriwwen: déi Häre Krecké, Graas, Mehlen, Bausch a Bisdorff. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Lucien Clement.

### **8. Projet de loi 4679 relatif à la surveillance complémentaire des entreprises d'assurances faisant partie d'un groupe d'assurance et modifiant:**

**- la loi modifiée du 6 décembre 1991 sur le secteur des assurances;**

**- la loi du 8 décembre 1994 relative:**

**- aux comptes annuels et comptes consolidés des entreprises d'assurances et de réassurances de droit luxembourgeois;**

**- aux obligations en matière d'établissement et de publicité des documents comptables des succursales d'entreprises d'assurances de droit étranger;**

**- la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;**

**- la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée**

*Rapport de la Commission des Finances et du Budget*

**M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de 27. Oktober 1998 gouf eng europäesch Direktiv ugeholl, déi zousätzlech Kontrollmechanisme fir d'Assurancëgesellschaften virgesäit, déi zu engem Grupp gehéieren.

Dës Direktiv, déi mer an deem Gesetzesprojet, fir deen ech Rapporteur sinn, ëmsetzen, erweidert d'Méiglechkeete vun der sougenannter "prudentieller" Iwwerwaachung vun Assuranceuren, andeems se souwuel no uenen am Grupp, also a Richtung Mammegesellschaften, wéi och no ënnen, a Richtung Filialen, eng global Iwwerwaachung virgesäit. Mä dozou gläich méi.

Mir hunn zu Lëtzebuerg eng Assurancëgesetzgebung, déi am Wesentlechen aus dem Joer 1991 datéiert a bei Geleeënheet vun der Ëmsetzung vun der Kontrolldirektiv mat iwwerschafft gëtt. Firwat hu mer dat alles an engem Gesetz ënnerbruecht?

Dat ass esou gemaach ginn, well vill kleng Dispositionen aus der bestehender Assurancëgesetzgebung ee sougenannten "Toilettage" gebraucht hunn, fir d'Texter méi lieserlech, méi verständlech an och méi vollständeg ze maachen. Dësen Exercice, dee vum Assurancësecteur begréisst gëtt, riicht sech net zulescht un auslännesch Gesellschaften, déi sech zu Lëtzebuerg nach wëllen nidderloossen an eng gewësse Rechtssécherheet brauchen.

Dofir ass et noutwendeg, Gesetzter ze hunn, déi komplett sinn, well en auslänneschen Entrepreneur kaum ka wëssen, op wéi enge Punkten zum Beispill e lëtzebuerger Gesetz zënter laangem duerch eng reng Verwaltungspraxis ergänzt gëtt, déi awer néierens néiergeschriwwen ass. Alles an allem setze mer also lo eng Direktiv ëm a vervollständegen - allerdings ouni revolutionär Ännerungen - eis gesamt Législatioun am Beräich vun den Assurancen.

D'Direktiv, déi mer ëmsetzen, betrëfft, wéi scho gesot, déi prudentiell, also secteurspezifesch Iwwerwaachung vun Assurancëgesellschaften, déi engem Grupp ugehéieren. Ouni wëllen in extenso op den techneschen Detail vum Gesetz anzegoen, wëll ech hei resuméieren, ëm wat et geet. Virewech wollt ech nach präziséieren, datt mer d'Direktiv vun 1998 quasi wuertwäertlech ëmsetzen a mer also un deem europäeschen Text näischt derbäi- oder ewechgebastelt hunn.

Dat, wat mer elo op den Assurancësecteur applizéieren, ass am Bankesecteur scho méi laang üblech. Do gëtt et zënter 1983 Texte, déi eng zousätzlech Kontroll vu Gesellschaften, déi am Kader vun engem Grupp funktionéieren, virgesinn. Allerdings gëtt et zwee wesentlech Ënnerscheeder tëscht de Systemer an deenen zwee Secteuren, op déi ech kuerz wäert agoen, nodeems ech ausgefouert hunn, wéi déi zousätzlech Iwwerwaachung am Assurancësecteur lo soll vir sech goen.

Mir schwätze vun enger Zousatzkontroll "en amont" an "en aval", déi vun deenen zoustännegen Iwwerwachungsinstanzen am Assurancësecteur wouergeholl gëtt. Zu Lëtzebuerg ass dat de "Commissariat aux assurances". Déi zousätzlech Kontroll bedeit, datt all Gesellschaft, déi am Kader vun engem Grupp funktionéiert, och op d'Konformitéit vun hirem Mammenhaus oder hire Filialen hi gepréift gëtt. Et geet drëms, e System ze schaffen, dee sech op grouss Finanzkonzerner kann applizéieren, déi iwwert ee ganze Réseau vu Gesellschaften verfüegen, déi ënnerenee verbonne sinn.

An esou enger Situatioun geet et net méi duer, dass déi eenzel Gesellschaften sech un d'Regelen halen an déi noutwendeg finanziell Sécherheeten opweisen. Wann zum Beispill eng Assurancëgesellschaft, déi eng Filial vun engem gréisseren Mammenhaus ass, an eng quokeleg Finanzlag geréit, dann ass et wesentlech, datt se sech kann op hiert Mammenhaus beruffen, fir Ënnerstützung ze kréien. Wann dann awer dat Mammenhaus selwer a schlechten Diche ass, dann ass et wahrscheinlech fir d'Filial ze spéit.

Bis haut war et esou, datt zwar déi eenzel Gesellschaften hir Finanzsituatioun vum Assurancëkommissariat iwwerwaacht kruten, mä dës Instanz awer keng formell Kompetenz fir d'Kontroll uewendriwwer oder ënnendrunner hat. Dës formell Kompetenz fir d'Iwwerwaachung vum Mammenhaus, respektiv vu Filialen, gëtt dem Commissariat mat dësem Gesetz ginn. Datselwecht gëllt fir esou Gesellschaften, an deenen e gréisser Konglomerat Participatiounen huet, ouni datt awer dës Participatioun grouss genuch ass, fir datt een technesch vu Filial ka schwätzen.

#### *(Interruption)*

Wann déi aner Gesellschaften aus dem Grupp, zu deem eng Gesellschaft vu Lëtzebuerger Recht gehéiert, keng Lëtzebuerger Gesellschaften sinn, da gëtt déi zousätzlech Kontroll vun eisem Commissariat zesumme mat den entsprechenden auslänneschen Verwaltungen ausgefouert. Zu dësem Zweck solle Kooperatiounsaccoren tëscht deene respektive Kontrollinstanzen ofgeschloss ginn.

Am Géigesaz zum Bankesecteur gëtt et am Iwwerwaachungssystem bei den Assurancen zwee grouss Ënnerscheeder. Zum enge ka bei de Banken déi eenzel Kontroll op deene verschiddenen Niveaue vum Grupp duerch eng sougenannte "consolidéiert" Iwwerwaachung ersat ginn, e System, deen et bei den Assurancen net gëtt. Do besteet ëmmer just eng zousätzlech Kontroll, déi d'Iwwerwaachung vun den eenzelnen Deelgesellschaften net ersetzt, mä nëmmen ergänzt.

Zum zweete gëtt d'Iwwerwaachung vum Grupp bei de Banken nëmmen dann aktivéiert, wann déi respektiv Participatiounen grouss genuch sinn, fir datt ee formell ka vu Filial schwätzen. Bei den Assurancen geet all Zort vu Participatiounen duer; déi muss also net déi Dimensionen erreechen, déi noutwendeg ass, fir datt ee vu Filial schwätzt.

Voilà, souvill zur Transpositioun vun der Direktiv, wéi se mat dësem Gesetz virgeholl gëtt. Da wëll ech awer nach kuerz op den Toilettage vun deene bestehende lëtzebuerger Texte agoen.

D'Artikelen B an C vum Gesetz betreffen d'Reassurancëgesellschaften an d'Assurancenagenten. Fir d'Reassureure gëtt e kohärent Regelwierk geschaffen, dat hiren Agrément, hiert Funktionéieren, hir Iwwerwaachung, déi eventuell applicabel Sanktiounen an den Transfert vu Réassurancëgesellschaften an aner Gesellschaften bestëmmt. Hei entsteet fir auslännesch Entrepreneuren, déi sech hei wëllen usiedelen, eng gréisser Rechtssécherheet.

Fir d'Assurancenagenten gëtt en Embryo vun engem eenheetleche Statut mat Rechter a Flichte vis-à-vis vun den Assureuren geschaffen. Dës ass virun allem dowéinst noutwendeg, well mer an dësem Sektour ganz vill auslännesch Entrepreneuren hunn, op deenen hir "Conventions d'agence" d'Lëtzebuerger Gesetzgebung bis elo kaum Afloss konnt huelen. Doduerch datt mer elo d'Aktivitéit

vun den Agente selwer usazweis regelen, déi jo all, sou laang se zu Lëtzebuerg oder vun hei aus schaffen, eise Gesetzter ënnerleien, kréie mer an dësem Beräich eng gréisser Kohärenz vun de "Conventions d'agence" realiséiert, déi zu enger besserer Ofsécherung vun der professioneller Situatioun vun den Agente féiert.

De Rescht vum Gesetz betrëfft Detailer, wou zum Beispill Referenzen op de Statsrot als Recoursadress duerch Verweiser op eis nei Verwaltungsgerichtsbarkeit ersat ginn. Dann hale mer verbindlech fest, wéi eng Gesellschaftsformen d'Assurancen an d'Pensiounsfolge kënnen unhuelen. D'Garantieverpflichtung vun den Assurancë gëtt op d'Primen erweidert, déi ee Preneur abezuelt huet, ier hien e formelle Versécherungskontrakt hat.

D'Sanktiionsbefugnisser vum Assurancëkommissariat ginn erweidert, a schliesslech gläiche mer zu Lëtzebuerg d'Zuel vun de Branchë vun der Liewensversécherung un déi am Ausland üblech Zuel un. Mir haten der bis elo véier a kréien der an Zukunft siwen.

*(M. Willy Bourq prend la Présidence)*

Dat war e resuméierten Iwwerbléck iwwert eng net onkomplizéiert Matière, déi mer awer duerch dëst Gesetz e Stéck méi iwwersiichtlech a méi accessibel maachen.

Ech soen Iech merci, Här President, a ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet.

**M. le Président.-** D'Wuert huet elo den Här Krecké.

*Discussion générale*

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, siele gëtt et e Beräich, deem esou vill influencéiert gëtt duerch Direktiven.

Den Assurancësektor an d'ganz Léiglatioun ronderëm d'Assurancen hu mer déi lescht Jore wéi oft adaptéiert op Grond vun Direktiven, déi komm sinn. Ech muss soen, dass et gutt ass, dass e gewëssenen Toilettage de texte virgeholl ginn ass. Dass de Prudentiel ähnlech geregelt ass, méttlerweil, wéi dat de Fall ass bei de Banken, ass u sech och eng gutt Saach.

Ech behaapten awer, Här Minister, dass et och iergendwann eng Kéier sollt diskutéiert ginn, awéifern - zwar net duerch déi hei Dispositiounen - duerch déi Proximitéit vun de Produkter am Banken- an am Assurancëwiesen et net awer ubruecht wier, wann een dat Ganzt ënner engem Hutt géif zesumme maachen. Mir hunn am Moment, nodeem dass mer dräi Corpsen haten, déi am Fong geholl higaange sinn an eng Kontrollfunktoun iwwerholl hunn, der zwou zesumme gesat.

Menger Meinung no sinn déi Experienzen - souwäit ech dat op alle Fall matkréien - net schlecht. Et ass keen, deem do eppes vu senger Kompetenzen als solch verluer huet, mä si funktionéieren ënner engem eenzelnen Hutt. Ech weess, dass et eng Rei Grënn gëtt, déi absolut d'Spezifisitéit vum Secteur des assurances duerstellen,

mä dat ass kee Grond, fir net gegebenefalls de Prudentiel als solchen iergendwann ënner een Hutt ze setzen, quitte dass et do kann Opdeelunge ginn am Ënneren, déi hir Spezifisitéit behalen, sou wéi dat och haut de Fall ass.

Den zweete Punkt, dee wichteg ass, ass dee vun den Agenten. Ech huelen un, dass all Fraktioun an deene leschte Joren abordéiert ginn ass vun deene Leit, déi an engem relative Vide funktionéiert hunn, Leit, déi wuel Konventiounen hate mat den Assureuren, mä wou et elo besser ass, dass se eng gewësse juristesche Assise kréien, fir déi Relatiounen vläicht e bëssche méi kloer ze maachen.

Déi Agente waren op alle Fall a Relatioun mat eiser Fraktioun, an, ech mengen, déi Ëmännerungen, déi mer hei virhuelen, missten hinne Satisfaktioun ginn. Ech huelen un, dass dat och de Fall war bei deenen anere Gruppéierungen. Dat zum vläicht wichtegsten Deel, deem elo d'Lëtzeburger Agente betrëfft.

Fir de Rescht huet de Rapporteur jo drop higewisen, dass et vill technesch Adaptatiounen sinn, iwwert déi mer elo - dat muss een éierlech soen - net schrecklech laang an der Kommissioun geschwat hunn, well se, souwäit een dat konnt iwwerblécken, sech opgedrängt hunn.

Dofir, Här President, kann ech och den Accord vu menger Fraktioun heizou bréngen.

**M. le Président.-** Den Här Graas huet d'Wuert.

**M. Gusty Graas (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt dem Rapporteur, dem Här Clement, merci soe fir säin ausféierlechen a ganz gudde Bericht a gläichzäiteg och den Accord vu menger Fraktioun zu deem Projet bréngen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.-** Den Här Robert Mehlen huet d'Wuert.

**M. Robert Mehlen (ADR).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn hei a Presenz vun engem relativ voluminöse Gesetzestext, dee relativ technesch ass, deem awer seng Berechtigung huet. Mir wëssen, wat fir eng Bedeitung den Assurancësektor an eiser Ekonomie a fir jiddereen a sengem deegleche Liewen huet.

Ech wëll mech deene Mercien un de Rapporteur uschléissen, deem hei duergeluegt huet, wat fir eng verschidde Volete vun dësem Projet de loi ofgedeckt ginn. Et huet kee Wäert, fir an d'Detailer ze goen.

Ech wëll kurz und bündig, wéi mäi Virriedner et och gemaach huet, heimat den Accord vun eiser Fraktioun bréngen.

**M. le Président.-** Den Här François Bausch huet d'Wuert.

**M. François Bausch** (*DÉI GRÉNG*).- Här President, de Rapporteur huet ausféierlech alles beliicht, wat wichteg ass an deem Projet. Ech wëll just soen, dass eis Fraktioun e wäert stëmmen.

**M. le Président.-** Den Här Aloyse Bisdorff huet d'Wuert.

**M. Aloyse Bisdorff** (*déi Lénk*).- Här President, ech sinn e bësse verwonnert, dass den Här Rapporteur an och verschidden anerer geschwat hu vun der Iwwersiichtlechkeet vun dësem Projet. Wann ee géing spezifesch Froe stellen, da géing ee feststellen, dass déi iwwergréisst Zuel vun de Leit hei déi Iwwersiichtlechkeet net géingen deelen, ënner anerem och net, well esou iwwersiichtlech ass dee Projet net, besonnesch dee steierlechen Deel, wou ech éierlech muss soen, dass ech net do erauskomm sinn, souwuel wat déi direkt Steieren, wéi och wat d'TVA ubelaangt.

Mir schénkt et, wéi wann hei och erëm eng Kéier steierlech Virdeeler géinge mat agebaut ginn, dass verschidde gréisser Konzernner hei erëm Virdeeler solle kréien, ënner anerem och fir d'Méiglechkeet ze schafen, Pensiounsfonten opzebauen.

Dat ass d'Ursaach, firwat dass ech dëse Projet net stëmmen.

**M. le Président.-** D'Regierung huet d'Wuert.

**M. Luc Frieden**, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Här President, bei esou vill Konsens, mat enger Ausnam, an dësem Parlament, mengen ech, eriwweget et sech, fir vu Regierungssäit länger Explikatiounen dozou ze ginn, ëmsou méi wou den honorablen Här Clement hei am Detail dee Gesetzesprojet, dee selbstverständlech, wéi alles an där dote Matière, technesch ass, erkläert huet, an déi, déi an der Kommissioun waren, wëssen och, ëm wat et hei geet.

Et ass e wichtige Secteur fir eis Finanzplaz, wou mer ëmmer dovu soen, dass mer eng Diversificatioun vun där Plaz brauchen. Dofir muss een och op dësem Gebitt, wou mer eng Direktiv ëmsetzen, déi erlaabt, d'Kontroll vun den Assicurancen um europäesche Plang besser ze gestalten, en Instrument ginn, wat zu méi Sécherheet an deem dote Beräich féiert. Dofir sinn ech frou feststellen, dass d'Chamber dat hei wäert mat ganz grousser Majoritéit, wann net souguer mat Unanimitéit stëmmen.

Ech soen Iech merci.

(*M. Jean Spautz reprend la Présidence*)

**M. le Président.-** D'Diskussioun ass ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikelen a stëmmen driwef of.

*Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)*

D'Artikelen A bis G a 1er si gelies an ugeholl.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 4679.

*Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Déi, déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass mat 58 Jo-Stëmme géint eng Nee-Stëmm ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes (par Mme Nelly Stein), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz (par M. Lucien Clement), Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres (par Mme Lydie Err), M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Alex Bodry), Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Fernand Greisen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss et Mme Renée Wagoner.*

*A voté non: M. Aloyse Bisdorff.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(*Assentiment*)

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4663 iwwert d'Organisation judiciaire.

(*Interruption*)

Den Här Justizminister Luc Frieden freet nach d'Wuert.

## 9. Dépôt d'un projet de loi par M. Luc Frieden

**M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.-** Här President, als Trésor- a Budgetsminister wollt ech den Dépôt vun engem Projet de loi zwëscheduerch maachen, een, dee fir d'Chamber net onwichtig ass.

Duerch Arrêté vum 10. Juli 2000 sinn ech autoriséiert ginn, folgende Projet ze déposéieren, deen Dir d'Plus-values-Gesetz nennt, wou mer déi éischte Kéier op de Wee ginn, fir d'Propositione vun deem Excédent vu Recetten duerch Gesetz hei an der Chamber diskutéieren an approuvéieren ze loossen:

- *projet de loi sur l'affectation de l'excédent des recettes de l'exercice budgétaire 1999.*

**M. le Président.-** D'Chamber hält Akt vum Dépôt vun engem Projet de loi vum Här Trésor- a Budgetsminister Luc Frieden. Dee Projet gëtt un déi zoustänneg Instanze weidergeleet.

Mir kommen dann elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4663. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt.

Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Häre Klein a Mehlen, d'Mme Wagener, den Här Bisdorff an d'Mme Mutsch.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Paul-Henri Meyers.

## 10. Projet de loi 4663 portant modification

- **de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire**

- **de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'Etat**

- **de la loi du 21 juin 1999 portant règlement de procédure devant les juridictions administratives**

- **de la loi modifiée du 7 novembre 1996 portant organisation des juridictions de l'ordre administratif**

*Rapport de la Commission juridique*

**M. Paul-Henri Meyers (CSV), rapporteur.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Mme Err huet virdrun de Blaise Pascal zitëiert. Erlaabt mir, vläicht am Ufank vu mengem Rapport e bësse méi e liberale franséischen Auteur ze zitëieren, an zwar de Montesquieu, dee geschriwwen huet, a sengem "Esprit des lois": "Souvent l'injustice n'est pas dans le jugement. Elle est dans les délais".

Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt kaum eng Institutoun an eisem Stat, wou de Bierger mat méi Nodrock

verlaangt, dass gutt a séier geschafft gëtt, wéi dat bei de Gerichter de Fall ass.

E Bierger, dee mat enger Affär op d'Gericht geet, versteet dacks net, datt seng Affär méinten- a jorelaang verschleeft gëtt. Bei Affäre virum Strofgericht ass et och net sënnvoll, wann e Bierger eréischt jorelaang no der Strofdot condemnéiert gëtt.

Et ass awer och net gutt, wann d'Gerichter iwwerstierzt schaffe mussen an d'Affären net kënne seriö instruieren. D'Gerichter mussen déi Affären, déi unhängeg sinn, an aller Sérénitéit instruieren an an engem raisonnablen Délai hiirt Uerteel spriechen, sou wéi dat am Artikel 6 vun der Mënscherechtskonventioun virgesinn ass.

Fir datt d'Gerichter hir Aufgab kënne besser erfëllen, kann een op dräi Pläng Verbesserung maachen, esou wéi de Conseil d'Etat dat och proposéiert huet, an zwar d'Prozedur vereinfachen, d'Gerichter mat méi modernen an zousätzleche materielle Mëttelen ausstafféieren, zousätzlech Riichter an aner Beamten astellen.

De Projet, deen haut zur Diskussioun steet, geet an déi do Richtung a gesäit vir, dass zousätzlech Riichter an och aner Beamte kënne agestallt ginn. Ech wëll net op déi méi kleng Ännerungen a Redressementer vun Texter agoen. Et sinn haaptsächlech fënnf Neierungen, déi hei virgesi sinn.

- Éischters d'Astelle vu sechs neie Riichter beim Bezirksgericht Lëtzebuerg, dovun zwee Untersuchungsriichter, ee Juge-commissaire bei enger Chambre commerciale an dräi Riichter, déi eng nei Chamber solle composéieren.

- Zweetens déi definitiv Institutoun vun enger 11. Chamber beim Bezirksgericht an enger 9. Chamber bei der Cour d'Appel. Déi Chambrë waren iwwergens duerch Gesetz vum 11. August 1996 fir zwee Joer geschafe ginn. Si waren duerch d'Gesetz vum 3. August 1998 ëm dräi Joer verlängert ginn. Si ginn elo definitiv virgesinn duerch dat hei Gesetz.

- Drëttens: D'Zuel vun den Agents probatoires beim Service central d'Assistance sociale (SCAS) gëtt vu 25 op 35 Unitéiten eropgesat. D'Budgetgesetz vum 24. Dezember 1999 huet iwwergens d'Astellung vun zousätzlech dräi vun deenen Agents de probation virgesinn. Déi aner siwen Agenten, déi nach virgesi sinn, kënne an deenen nächste Joren, wann d'Noutwendegkeet sech géif erweisen, och agestallt ginn.

- Véiertens: Beim Tribunal administratif gi fënnf nei Poste vu Juges suppléants geschafen. Déi Moosnam soll dem Verwaltungsgericht erlaben, méi séier déi 700 Recours ze behandelen, déi gestallt si ginn am Beräich vun der Gesetzgebung iwwert d'Refugiéen.

- Fënneftens: D'Gesetz erlaabt den Détachement vun zwee Informatiker aus dem Centre informatique de l'Etat an d'Administration judiciaire.